PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , den 19/02/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Vill Gemengen hei am Land gräife fir d'Offallmanagement op d'Servicer vun der *SuperDreckskëscht (SDK)*zeréck, enger staatlecher Aktioun an Hand vun enger Privatfirma. R*eporter.lu* schreift an engem Artikel vum 15te Februar Folgendes:

> *Rund 20 Berater der SuperDrecksKëscht beraten kostenlos Firmen, Gemeinden und Privatleute in Abfallfragen. Bezahlt werden auch sie vom Staat. Angestellt sind sie jedoch bei der Firma Oeko-Service. Unabhängige Umweltberater hingegen erhalten keine Unterstützung und müssen Gemeinden und Firmen ihre Dienstleistung in Rechnung stellen. Im Konkurrenzkampf mit der SuperDrecksKëscht sind sie also quasi chancenlos.*

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Servicer bitt SDK de Gemengen insgesamt un a wéi eng Servicer huelen d'Gemengen am meeschten an Usproch, bzw. fir wéi eng Servicer ginn am meeschte Suen ausginn?
2. Ginn d'Käschte vun de Beroder vun der Superdreckskëscht direkt vum Staat iwwerholl?
3. Kënnen och d'Käschte vun anere Beroder, déi de Gemengen am Ëmwelt- an Offall-Froen zur Säit stinn, direkt vum Staat iwwerholl ginn?
4. Wéi eng Gemenge gräifen net op d'Servicer vun der SDK zeréck?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député